Den 22. September 2022 war ëm 14:00 Auer déi éischt ëffentlech Gemengerotssitzung no der Grousser Vakanz. No der Sitzung gouf déi nei Spillplaz tëschent dem Kierfecht an der Strooss “Um Knapp ageweit”, är d’Mobilitéitswoch mat engem Ofschlossfest beim künftege CycloCroc (dem fréiere Garde-Haischen) op en Ënn goung.

1) **Plan de gestion des forêts**
De Fierschter Serge Reinardt huet de Forstplang fir d’Biisser Bëscher (am Ganze 550 Hektar, alles PEFC-zertifizéiert) am Joer 2023 virgestallt. De künftege GuttlandTrail vum Office régional du tourisme Guttland wäert och duerch eise Bësch goen an d’Marquage-Aarbechte fir dësen Trail sollen den 10. Oktober ufänken.

Am Joer 2023 gëtt mat just 182.504 Euro Einname gerechent. Als Ausgabe si virgesinn am Ganze 437.269 Euro Euro. Schwéierpunkte vun de Forstaarbechte sinn an der Schéierbaach (150 $m^3$), um Dellebierg (45 $m^3$), am Kehlergronn, am Hondsstall (50 $m^3$) a beim Viichter Wee (50 $m^3$). Nei Beem ginn haaptsächlech an de Méchelbucher Hecke gesat.

2) **Modification des statuts du SICONA Centre**
Den neie Statute vum Gemengesyndikat « Syndicat intercommunal du centre pour la conservation de la nature » gouf zougestëmmt. Dëse Syndikat soll zum Erhalen an zum Schutz vun der biologescher Villfalt bäidroen an och Biotoper schafen an ënnerhalen. Doriwwer iwwerhëlt de Syndicat Berodertätegkeete fir d’Gemengen, zum Beispill am Kader vum Pacte Nature.
An dësem Syndicat mat Sëtz zu Miersch sinn dës Gemenge Member: Biekerech, Biissen, Colmar-Bierg, Feelen, Groussbus, Habscht, Helperknapp, Ierpeldeng-un-der-Sauer, Lëntgen, Mäerzeg, Miersch, Préizerdaul, Réiden-un-der-Atert, Säll, Schiren, Stengefort, Useldeng, Viichten a Walfer.

3) **Approbation d’un acte notarié**
D’Société nationale des habitations à bon marché (SNHBM) baut am Lotissement « An der Bléi » abordabele Wunnraum, méi präzis 8 Eefamilljehäiser an 3 Appartementshäiser. D’SNHBM huet e Virkafsrecht wärend 99 Joer op allen Eefamilljenhäiser, déi si opriichten, wann déi nei Proprietären eng Kéier nees verkafe wëllen. Och sinn d’Prioritéitsrechter vun de Biisser Awunner op déi nei Haiser an Appartementer duerch d’SNHBM präziséiert.

4) **Allocation de subsides extraordinaires à des association non locales**
Den 30. Abrëll 2022 war déi 2. Oplo vum Biisser Rallye. Hei koumen 2.655 Euro eran, déi integral un d’Association Wonschstär Asbl ginn.
Den Erléis vun de Manifestatiounen TerraBis (9. Mee 2022), BisArt (Kiermesweekend) an Eurovisionsowend (22. Abrëll 2022) koum der Association LUkrain zegutt. De Scheck iwwer 10.000 Euro gouf um Virowend vun Nationalfeierdag iwwerreecht. Mat dëse Suen huet d’Associatioun eng Ambulanz kaaft.

**5) Règlements de circulation**

Bis zum Ënn vun der ablécklecher Phas 3a vun den Aarbechten an der Rouschterstrooss bleift den Accès zu den Haiser 56 bis 68 gespäert. Méi laang bleift déi iewescht Sortie vun der Rue Charles-Frédéric Mersch an d'Rouschterstrooss komplett zou. An den nächsten Deeg wäerten d'Aarbechten an d'Phas 3b iwwergoen (bis viraussiichtlech 11. November), esou datt den Accès zu aneren Haiser gespäert wäert ginn. Fir d'Phas 4 huet den Här Buergermeeschter eng Vollspäerung vun Deeler vun der Rouschterstrooss annoncéiert, ouni an d'Detailer ze goen.

Um Kierfecht ginn d'Weeër erneiert. Dofir ass virgesinn, fir bis de 4. November d'Rue du Cimetière tëschent 8:00 Auer an 18:00 Auer fir den Trafic ze spären. Am Ablack kommen d'Aarbechte gutt virun, esou datt normalerweis fir Allerhellgen d'Aarbechten ofgeschloss sinn.

**6) Approbation de plusieurs décomptes**

*Kaf vun engem Renault Zoé fir de Service technique am Joer 2018:*

- Total des devis approuvés: 30.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 25.414,46 EUR
- Moins-dépense: - 4.585,54 EUR

*Kaf vun enger Camionnette fir de Service "Sport et Culture" am Joer 2020:*

- Total des devis approuvés: 46.500,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 43.945,01 EUR
- Moins-dépense: - 2.554,99 EUR

*Verschidden Aarbechten um Haus 3 route de Roost an de Joren 2017 bis 2019:*

- Total des devis approuvés: 95.000,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 87.560,79 EUR
- Moins-dépense: - 7.349,21 EUR

*Amenagement vum Bëschkierfecht an de Joren 2014-2017:*

- Total des devis approuvés: 119.889,26 EUR
- Total de la dépense effectuée: 119.615,23 EUR
- Moins-dépense: - 274,03 EUR

*Elektronesche Schliesssystem vun de Gemengegebaier an de Joren 2014-2019:*

- Total des devis approuvés: 295.780,00 EUR
- Total de la dépense effectuée: 256.778,35 EUR
- Moins-dépense: - 39.001,65 EUR

*Bau vun der Hängebréck tëschent der Pafent an dem Honswénkel an de Joren 2014-2021:*

- Total des devis approuvés: 1.218.148,29 EUR
- Total de la dépense effectuée: 1.335.128,38 EUR
- Dépense supplémentaire: + 116.980,09 EUR

**7) Questions de conseillers communaux**

Op Nofro vun der CSV-Fraktioun huet de Buergermeeschter annoncéiert, datt déi meescht Avise vun de staatlechen Instanzen zum Projet vum Ausbau vun der Crèche virleien. Am Ablack lafen nach Diskussiounen iwwert en zousätzlechen Ausgang op der Héicht vun der Sakristei vun der Kierch. Eréischt nom Virleie vun den Avise kann de Projet ausgeschriwwe ginn.

Och op d'Nofro vun der CSV-Fraktioun huet de Buergermeeschter ugekënnegt, datt beim Projet vum Ausbau a vum Ëmbau vun der Primärschoul déi meescht Avise vun de staatlechen Instanze virleien. D'Architektin krut vum Schäfferot nach en zousätzlechen Optrag, an zwar fir d'Machbarkeet vun enger neier zentraler Entrée vun der Primärschoul beim Foussgängertunnel zur Rue de la Gare ze préiwen. Och géif elo nach en Architecte-Paysagiste fir den Aménagement vum Schoulhaff bäigezu ginn. Natierlech hätt eng nei Entrée vun der Schoul seng Auswierkungen op den Devis, deen de Gemengerot schonns gestëmmt huet.

D'CSV-Fraktioun huet sech och fir de Bilan vun de Cours'en intresséiert, déi eise Service des sports (BisSport) wärend dem leschte Schouljoer organiséiert hat. Hei gouf et am Ganze fir all d'Cours'en just 40 Aschreiwungen. De Buergermeeschter huet sech dofir entschëllegt, datt d'Kontrakter vun de Chargés de cours net dem Gemengerot zum Vote virgeluecht goufen. Fir dat neit Schouljoer geet de BisSport op eng nei Formel an Zesummenaarbecht mat de lokale Sportsveräiner iwwer. Detailer kritt de Gemengerot an enger vun den nächste Sitzungen a Form vu Konventioune presentéiert.